piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/09/2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.

D'Plattform kyivindependent.com beriicht, dass d'Satelliteverbindung vu Starlink un der Frontlinn an der Ukrain zesummegebrach ass. Doduerch sinn d'Kommunikatiounsverbindungen, déi zum groussen Deel vu Starlink ofhängeg sinn, ausgefall. Et handelt sech schonn ëm den zweete gréisseren Ausfall vu Starlink. Lëtzebuerg huet leschte Joren seng eege Satellitekommunikatiounsinfrastruktur opgebaut a stellt dës och der Ukrain bei der Verdeedegung géint déi russesch Invasioun zur Verfügung.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Sinn d'Satellitekapassitéite vu Lëtzebuerg disponibel, fir d'Ukrain z'ënnerstëtzen an déi feelend Kapassitéiten z'ersetzen?
   Falls nee, wéi eng aner Kapassitéiten wäert Lëtzebuerg iwwert d'SES der Ukrain elo schnell an direkt kënnen zur Verfügung stellen an a wéi engem Zäitintervall wäert dëst geschéien?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés